ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. November 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Integratioun weiderzeleeden.

Viru kuerzem gouf e Sondage mat dem Titel « L'opinion publique face à l'afflux de réfugiés au Luxembourg » publizéiert, den am Optrag vum Familljen- an Immigratiounsministère gemaach gouf.

Bei der Publikatioun ginn d'Äntwerten ënner engem allgemengem Titel virgestallt, z.B. „Il est du devoir moral du Luxembourg d'accueillir les réfugiés". Déi reell Froen déi un d'Participante gestallt goufe sinn net publizéiert ginn.

An dem Sondage goufen d'Froe « ponderéiert », z.B. fir d'Äntwerte vun auslännesche Matbierger oder auslännesche befrote Leit statistesch méi staark géintiwwer hirer reeller Vertriedung an der statistescher Basis (am „échantillon") ze bewäerten. Wéi sou dacks goufen d'Froen anscheinend ganz allgemeng iwwer Telefon oder um Spaweck u „Residenten" gestallt.

Dowéinst wollt ech der Madame Minister fir Familljen an Integratioun des Froe stellen:

1. *Kann d'Madame Minister de geneeë Wuertlaut vun de Froe publizéieren, wéi se am Sondage gestallt goufen, an dëst fir all Sprooch déi d'Sondeure benotz hunn ? Wéi eng Méiglechkeete gouf et, fir des Froen ze beäntweren ?*
2. *Kann d'Madame Minister déi net ponderéiert Äntwerte vun de Lëtzebuerger Staatsbierger op all gestallte Froe publizéieren?*
3. *Wann net, ass d'Madame Minister bereet, dee Sondage nach eemol maachen ze loossen, an zwar exklusiv bei deene wahlberechtegte Lëtzebuerger?*
4. *Wéi vill huet dee Sondage kascht? Soll de Sondage a reegelméissegen Ofstänn widderholl ginn a wa jo a wéi engem Rhythmus ?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten